piraten.lu

N°3303
Entrée le 05.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.12.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Tesla huet offiziell d'europäesch Zoustëmmung fir säi komplett autonoomt Fuersystem (FSD) fir Ufank 2026 ugekënnegt, andeems se sech op vermeintlecht Versprieche vun der hollännescher Autosregistréierungsautoritéit RDW beruffen. D'Autoritéit ass awer net averstanen a kritiséiert den ëffentlechen Opruff vun Tesla.
Aktuell ginn an Däitschland Testfaarten op präparéierte Strecken an awer och a reellen Trafficssituatiounen organiséiert an duerchgefouert.
Et ass e komplext Thema, besonnesch wann et och dorëms geet wéi vill ee vum Potential vun dëser Technik notze well. Zum Beispill stellt sech d'Fro op e Fuerer muss dobäi sinn, oder op ee komplett autonoomt Fueren zouléisst, wéi et zum Beispill an den USA mat de Robotertaxien de Fall ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit d'Situatioun zu Lëtzebuerg aus ? Wéi steet d'Regierung zu der Léisung vum kompletten autonome Fueren an der Léisung vum superviséierten autonome Fueren ?

2. Gëtt et en Echange mat Tesla a ginn et éischt Versich déi geplangt sinn ?

3. Sinn Robotertaxien eng technesch Léisung déi een bis 2028 zu Lëtzebuerg plangt ze erlaaben? A falls net, aus wéi engem Grond ?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

GOERGEN Marc

Deputéierten